# Gutt Geschier

FIR GEMENGEN A BETRIBER

LÉINEN AMPLAZ ZE KAFEN

MÉI KREESLAFWIRTSCHAFT, MANNER $CO_2$





# LÉINEN AMPLAZ ZE KAFEN

**D'Initiativ Gutt Geschier erméiglecht de Bierger, Geschier (Handwierksgeschier, Gaardegeschier, ...) ze léinen amplaz ze kafen. D'Leit kënnen esou hier Aarbechten doheem selwer maachen an dat ouni Geschier mussen deier anzekafen wat dono eventuell net méi gebraucht gëtt.**

**Mat Gutt Geschier drot Dir och zur Kreeslafwirtschaft bäi : 95% vum ugebuedenem Geschier gëtt recuperéiert, a kritt duerch de Projet een zweet Liewen. Wäertvoll Ressourcen déi soss an der Dreckskëscht oder am Recycling gelant wieren, gin esou ouni gréisseren Opwand weider valoriséiert.**

**Doriwwer eraus sensibiliséiert dës Initiativ de Bierger op d'Notzung vun Energie a Ressourcen. Gutt Geschier kann dozou bäidroen e Mentalitéitswiessel an de Konsumgewunnechte vum Bierger erbäizeféieren.**




# FIRWAT GUTT GESCHIER?

Eng besser **Ressourceverwäertung**: **Energie** a **Materialie** spueren




**$CO_2$-Emissioune** reduzéieren

Eng **länger Notzungsdauer** vum Geschier

**Zesummenaarbecht** mat engem Atelier protegé

Sue **spueren**





## Wéi funktionneiert et?

Iwwert eis **Websäit guttgeschier.lu** kënnen d'Bierger d'Geschier reservéieren an dono op d'Platz **gratis** ausléine kommen (**Facilitec zu Esch-Uelzecht oder op d'Matgesfeld, zu Bieles**.)


**1) Geschier aus dem Inventar reservéieren (guttgeschier.lu)**
**2) Geschier gratis léine kommen**
**3) Geschier benotzen**
**4) Zeréck ginn**

## Wëllt dir Gutt Geschier an ärer Gemeng/Betrib ubidden?

Als Gemeng oder Betrib kënnt dir **ären eegene Gutt Geschier Punkt ubidden**. Mir hëllefen iech en Inventaire vu Geschier opzebauen. Mir loossen déi Elektronesch Apparater vun Nei Aarbecht no der **Ecotrel Norm zertifiéieren**.
Ausserdeem ënnerstëtze mir Iech bei der **digitaler Infrastruktur** an der **Kommunikatioun**.

Am Géigenzuch leet dir d'**Raimlechkeete** fest a geréiert no ären Bedürfnisser d'**Vergab** an de **Retour** vum Geschier.

Fir weider Informatioune kënnt Dir Iech gäre bei eis mellen : info@ebl.lu.













ËMWELTBERODUNG LËTZEBUERG A.S.B.L.

18 F, RUE DE LA CIMENTERIE
L-1337 LUXEMBOURG
621 753 628
INFO@EBL.LU

EbL
Emweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.